

Programme 2022/2023

JUGENDROUTKRÄIZ

# Formatioun Animateur

croix-rouge luxembourgeoise

Mënschen hëllefen

# Formatioun to go:



| | | |
|---|---|---|
| I | **Meet and Greet - 1**<br>2023-1 | 22-23.10.2022 |
| B | **Formatiounswoch Aide-Animateur:trice Bartreng - 1**<br>2023-2 | 29.10-03.11.2022 |
| B/C | **Verhaalenskreativ Kanner B/C**<br>2023-3 | 26-27.11.2022 |
| B/C | **Kreativ**<br>2023-4 | 07-08.01.2023 |
| I | **Meet and Greet - 2**<br>2023-5 | 21-22.01.2023 |
| B/C | **Téitschen a Schréibsen**<br>2023-6 | 28-29.01.2023 |
| B/C | **Kommunikatioun**<br>2023-7 | 04-05.02.2023 |
| B/C | **Grénge Krees**<br>2023-8 | 25-26.02.2023 |
| B/C | **Eng Kolonie fir jiddereen**<br>2023-9 | 04-05.03.2023 |
| B/C | **Musek an der Kolonie**<br>2023-10 | 25-26.03.2023 |
| C | **Formatiounswoch Aide-Animateur:trice + Animateur:trice La Panne - 2**<br>2023-11 | 01-07.04.2023 |
| B/C | **Thema Sexualitéit**<br>2023-12 | 06-07.05.2023 |
| D | **Stressmanagement an Teambuilding**<br>2023-13 | 13-14.05.2023 |
| B/C | **Abenteuer an der Natur**<br>2023-14 | 03-04.06.2023 |
| B/C | **Kachen a Brachen**<br>2023-15 | 17-18.06.2023 |

- All ons Formatioune fannen zu Bartreng an onsem Centre de Formation et de Rencontre “Am Bongert” statt.
- 1 Formatiounsweekend dauert vu Samschdegmëttes 15 bis Sonndegmëttes 15 Auer. Iwwernuechten an onsem Formatiounszenter ass obligatoresch.
- 1 Formatiounsdaag dauert vu Samschdegmoies 9 bis Samschdegmëttes 17 Auer.
- 1 Formatiounsweekend kascht 20€ “all inclusive”
- 1 Formatiounswoch kascht 120€ “all inclusive”

*Falls Ännerunge géife virleie gitt dir heiriwwer forméiert*

## Brevet D - Rescue Team

| | | |
|---|---|---|
| D | **Éischt-Hëllefs-Cours – 1**<br>2023-16 | 24.09.2022+ 01.10.2022 |
| D | **Éischt-Hëllefs-Cours – 2**<br>2023-17 | 06.05.2023+ 13.05.2023 |
| D | **Spezialisatioun Rescue Team - 1**<br>2023-18 | 15.10.2022 |
| D | **Spezialisatioun Rescue Team - 1**<br>2023-19 | 27.05.2023 |

Erklärungen zu de Code ‘en:

- I — Infoweekend
- B/C — Brevet **B** a Brevet **C**
- B — Brevet **B**
- D — Brevet **D**

# Programm:

All eis Weekender sinn zougänglech fir de Brevet B a C, ausser et steet eng speziell Kennzeechnung hannert dem Titel vum Weekend.



## I Meet and Greet - 1 2023-1

**22–23.10.2022**

Hues du Loscht dech sozial ze engagéieren? Bass du op der Sich no enger Organisatioun an däers du kanns aktiv ginn? Hues du Loscht d ‘Rout Kräiz an d’ Jugendroutkräiz kennen ze léieren?

Um MEET & GREET kriss du all Informatiounen zum Thema Kolonien, Animateur Formatiounen, Projeten a fräiwëllegt Engagement. Virun allem awer léiers du op dësem Weekend nei Leit kennen déi deng Interessien deelen. Moniteuren:tricen a Formateuren:tricen déi scho laang een Deel vum Jugendroutkräiz sinn, erzielen dir alles wat ‘s de wësse wëlls.

Mell dech schnell un: Dësen Weekend ass däin éischte Schratt um Wee an déi weltwäit Beweegung vum Roude Kräiz.

De MEET & GREET ass obligatoresch fir de Brevet B.

## B Formatiounswoch Aide-Animateur:trice zu Bartréng - 1 2023-2

**29.10–03.11.2022**

An der Aide-Animateurs:trices-Formatiounswoch léiers du d ‘Liewen am Grupp richteg kennen. Zesumme ginn Aktivitéite geplangt a Spiller organiséiert.

Di ganz Woch ass wéi eng Aart «Drëchenübung», an där mir Situatiounen, deenen een sech als Animatrice:teur stelle muss gemeinsam erliewen, an ausdiskutéieren. Zum Schluss vun der Woch solle keng Froe méi opstoen an du solls dech prett fille fir endlech als Moniteur:trice duerch ze starten.

## B/C Verhaalenskreativ Kanner 2023-3

**26-27.11.2022**

ADHS? Hyperaktivitéit? Streit? Isolatioun? Oder einfach nëmme Chaos?

Wann ee Kand ausflippt steet een als Monitrice:teur oft viru Situatioune wou ee keen Auswee méi weess. Wéi reagéieren ech am beschten? Gett et en „geheimt Rezept“ fir op des „verhalenskreativ“ Kanner ze reagéieren? Op dës an nach vill aner Froe probéiere mir an dëser Formatioun Äntwerten ze fannen.

## B/C Kreativ 2023-4

**07-08.01.2023**

Wéi kann ech eng Kolonie kreativ gestalten? Wéi zéien ech ee roude Fuedem duerch eng Kannerkolonie? Weieng Zorte vu Kreativitéit ginn et? Wéi kann ech de Kanner hir, awer och meng eege Kreativitéit ënner Beweis stellen. Op eisem Kreativweekend tauche mir a kreativ Welten an, ginn dorobber a, wéi een eng ganz Kolonie an eng Geschicht abënnt, a wéi een dës Geschicht aus der Kanner hirer Fantasie an d'Wierklechkeet ëmsetzt.

## I Meet and Greet - 2 2023-5

**21-22.01.2023**

Hues du Loscht dech sozial ze engagéieren? Bass du op der Sich no enger Organisatioun an däers du kanns aktiv ginn? Hues du Loscht d 'Rout Kräiz an d' Jugendroutkräiz kennen ze léieren?

Um MEET &GREET kriss du all Informatiounen zum Thema Kolonien, Animateurs Formatiounen, Projeten a fräiwëllegt Engagement. Virun allem awer léiers du op dësem Weekend nei Leit kennen déi deng Interessien deelen. Moniteuren:tricen a Formateuren:tricen déi scho laang een Deel vum Jugendroutkräiz sinn, erzielen dir alles wat 's de wësse wëlls.

Mell dech schnell un: Dësen Weekend ass däin éischte Schratt um Wee an déi weltwäit Beweegung vum Roude Kräiz.

De MEET & GREET ass obligatoresch fir de Brevet B.

## B/C Téitschen a Schréibsen 2023-6

**28-29.01.2023**

„Aua, ech sinn an eng Muschel getrëppelt" Ee Kand blutt an huet nach e Stéck vun der Muschel an der Wonn hänken. An elo?

Esou Situatiounen kennt een als Moniteur:trice nëmmen ze gutt.

Op dësem Weekend gitt dir gewuer, wéi een kleng Wonnen behandelt an aner Boboen versuergt. Dir kritt Grondkenntnisser vun enger schneller Hëllef ouni Panik gewisen an fannt eraus wéi een eng éischt Hëllefstrousse richteg benotzt.

Opgepasst: Dëst ass keen unerkannten Éischt-Hëllefs-Cours!

## B/C Kommunikatioun 2023-7

04-05.02.2023

Egal op an engem Eenzelgespréich, engem Gruppegespréich oder seguer am Gespréich mat sech selwer, d'Kommunikatioun geet méi wäit wéi just Wieder. An deser Formatioun steet d'Kommunikatioun an all hire Facetten am Méttelpunkt. Zesummen denke mir driwwer no, wéi ee richteg nolauschtert, gestikuléiert, schwätzt, streit, sech matdeelt an dobäi nach respektvoll mat sech selwer an deenen aner ëmgeet.

## B/C Grénge Krees 2023-8

25-26.02.2023

Bass och du schockéiert wéi vill Plastik dir di lescht Kolonie ewechgeheit hutt? Frees du dech wei een och eng Kolonie méi nohalteg an ëmweltschounend gestallte kann? Wëlls du de Kanner a Jugendleche mat op de Wee gi wei si nohalteg a bewosst liewe kennen?

An der Formatioun vum Grénge Krees kriss du vill Informatiounen Tipps an Tricks weis du deng Gewunnechten an der Kolonie an doheem ännere kanns. Niewebäi kriss de och Iddien an Inspiratioun fir Aktivitéiten zu dësem Thema ëmzesetzen. Sief mat derbäi an hëllef och du beim Ëmdenken!

## B/C Eng Kolonie fir jiddereen 2023-9

04-05.03.2023

Ganz nom Prinzip vun der Inclusioun huelen un de Vakanze vum Jugendroutkräiz gläicher Moosse behënnert an net behënnert Persounen deel. Mee wat ass dat iwwerhaapt, eng Behënnerung? Wat fir eng Forme vu Behënnerung gëtt et? Wéi kenne mir Vakanzen esou gestallten, dass se fir jiddereen een Highlight ginn?

Op dës Froen, an op honnert anerer, siche mir op dësem Weekend Äntwerten. Bei engem Deel vun der Formatioun gëtt ganz spezifesch op verschidden Hiewtechnike fir Leit mat Behënnerung agaangen.

## B/C Musek an der Kolonie 2023-10

25-26.03.2023

Musek zitt Kanner an hire Bann, si faszinéiert a motivéiert fir mat ze maachen. Musek ass staark an ass en Elixir vum Liewen - seet de Brave (Formateur).

Vun danzen iwwer sangen bis hin zu zesumme Musek maachen, an dëser Formatioun kriss du ee risege Package vun Aktivitéiten déits du mam Thema Musek an der Kolonie kanns maachen, ewéi e Kenneléieren vun deenen meescht benotzen Instrumenter a Schoulen oder Kolonien.

Musek a méi mat der Musekschoul Bamss (www.bamss.eu).

## B/C Formatiounswoch Aide-Animateur:trice + Animateur:trice zu La Panne -2 2023-11

01-07.04.2023

An der Aide-Animateurs:trices-Formatiounswoch (Brevet B) léiers du d 'Liewen am Grupp richteg kennen. Zesumme ginn Aktivitéite geplangt a Spiller organiséiert.

Di ganz Woch ass wéi eng Aart «Drëchenübung», an där mir Situatiounen, deenen een sech als Animatrice:teur stelle muss gemeinsam erliewen, an ausdiskutéieren. Zum Schluss vun der Woch solle keng Froe méi opstoen an du solls dech prett fille fir endlech als Moniteur:trice duerch ze starten.

An der Animateurs:trices-Formatiounwoch (Brevet C) stinn deng Erfahrungen an Erkenntnisser déi 's du als Aide-Animateur gemaach hues am Zentrum. D' Formatiounswoch fir de Brevet C ass ganz praxisorientéiert. Duerch den Austausch mat aner Moniteuren:tricen a Formateure:tricen léiers du méi iwwert dech selwer kennen, a kanns erlieft Situatioune reflektéieren. Theme wéi Konfliktléisung, Gruppendynamik a Kommunikatioun ginn esou opgegraff dass du se konkret an der Kolonie kanns gebrauchen.

## B/C Thema Sexualitéit 2023-12

25-26.03.2023

Mir schwätzen driwwer: Sexualitéit!


Informatiounen, Diskussiounen, Ëmgang mam Thema Sexualitéit a geschlechtsspezifesche Rollenverständnisser. Op wat muss ech an der Kolonie mat Kanner a Jugendlechen oppassen? Wei soll ech als Moniteur:trice mat Themen ronderëm Kierper, Sexualitéit, Bezéiungen an Geschlecht ëmgoen? Wou si meng Grenzen a wat ass meng Roll?



**100% mënschlech**
**Rock ,n' Roll am Blutt**
**Pack eng Hand mat un**

- Hues de Loscht dech ze engagéieren?
- Hues de Loscht onvergiesslech Momenter mat Kanner a Jugendlechen ze erliewen?
- Hues de Loscht nei Leit kennen ze léieren?
- Hues de Loscht néit Wëssen an nei Erfarungen ze sammelen?

**Dann zeck net laang a gëff Moniteur:trice an de Vakanzekoloniё vum Jugendroutkräiz. Mell dech einfach un! Mir freeën eis op dech!**



D

## Stressmanagement an Teambuilding 2023-13

13-14.05.2023

Op dësem Weekend gesi mer, wéi dir iech schonn Wochen virun enger Kolonie optimal virbereede kënnt, fir Stresssituatioune gutt gewappnet ze begéinen. Dir léiert är eege Stress Ausléiser, -Verstäerker an -Reaktioune kennen a kritt Techniken a Methode mat op de Wee fir de Stresspegel ze senken, respektiv tëschenduerch Energie a Kraaft ze tanken.

Gläichzäiteg gitt dir méi iwer Teambuilding gewuer an léiert wéi een am beschten zesummen schafft.

B/C

## Abenteuer an der Natur 2023-14

03-04.06.2023

Egal op an den Dünen zu la Panne, am Bësch um Neihaischen, um Wattemier an Holland oder an de Bierger an Éisterräich, d 'Natur bitt ee risegt Spillfeld a waart nëmmen dorop entdeckt ze ginn. Ganz no de Prinzipie vun der Erliefnespedagogik kriss du an dëser Formatioun Iddie weis du de Kanner an der Kolonie op spilleresch Aart a Weis d 'Natur kanns méi no bréngen an esou Zesummenhalt an d Kooperatioun am Grupp stäerks. Zesumme maache maache mir eis Gedanke wei een Abenteuer an der Natur kann erliewen an dobäi onvergiesslech Erfarunge mécht.

Well dës Formatioun vum Wieder ofhängeg ass, kann den Datum änneren!

B/C

## Kachen a Brachen 2023-15

17-18.06.2023

Kachen ass usech keng Konscht - wann een et da mat Jugendlechen zesummen op eemol fir en Ekipp vun x Leit soll maachen, kann een awer mol séier den Iwwerbléck verléieren. Dobäi kommen eng jett Hygiensreegelen, déi ee muss anhalen. Op wat s du oppasse muss wanns de an der Kolonie kachs, wéis de d'Akafen an d'Kache nohalteg an ouni vill Verschwendung kanns gestalten mee och wat déi gängest Allergien a Régime alimentaire sinn, weise mir dir op dësem Weekend - suwuel an der Theorie, wéi och an der Praxis.

## Brevet D – Rescue Team:

D’Formatioun “Rescue Team” (Brevet D) sëtzt sech zesummen aus:

- Éischt-Hëllefs-Cours (16 Stonnen)
- Spezialisatioun Rescue Team (4 Stonnen)
- Preparatioun & Duerchféiere vun engem Atelier (5 Stonnen)

D

### Éischt-Hëllefs-Cours 1 2023-16

24.09.2022 + 01.10.2022

### Éischt-Hëllefs-Cours 2 2023-17

06.05.2023 + 13.05.2023

Een Basis Éischt Hëllef Cours vun 2 Deeg fir Jugendlecher ab 15 Joer!

- Jiddereen kann beim Éischt-Hëllefs-Cours mat maachen, och wann een keen Brevet B/C/D huet.
- Den Éischt-Hëllefs-Cours gehéiert och zu dem Module „Rescue Team“ fir den Brevet D ze kréien.

D

### Spezialisatioun Rescue Team - 1 2023-18

15.10.2022

### Spezialisatioun Rescue Team - 2 2023-19

27.05.2023

Éischt Hëllef kann Liewen retten! Och Kanner an Jugendlecher kënnen Gesten an Reaktiounen vun der éischter Hëllef léieren. Dofir ginn an dëser Spezialisatioun nach eng Kéier d‘Geforen, d’Preventioun, d’Behandelen vun Blessuren an Noutfallsituatiounen widderholl. Den Haaptfokus läit dorop wéi een dëst op eng pedagogesch intressant Aart a Weis den Kanner a Jugendlecher weider vermëttelen kann. Eng Saach ass sécher – Eischt Hëllef ass eng spannend an wichteg Saach – fir jiddereen!

- Des Spezialisatioun ass Deel vun dem Module “Rescue Team” vum Brevet D, wou nach een Éischt Hëllef Cours (16 Stonnen) an déi selbststänneg Preparatioun an Duerchféieren vun engem Atelier dozou gehéiert.
- Jiddereen kann der Spezialisatioun mat maachen an Deel vum Rescue Team ginn, och wann een keen Brevet B/C/D huet.

# Konditiounen:

## D'Formatioun "Aide-Animateur" a "Animateur" ass an 2 Etappen agedeelt:

- "Aide-Animateur d'activités de loisir Brevet B"
- "Animateur d'activités de loisir Brevet C"

## Konditiounen fir de Brevet B (Aide -Animateur):

- Mindestens 15 Joer al sinn

**Wat muss ech maache fir Aide-Animateur ze ginn?**

- 1 Meet and Greet Infoweekend
- 3 Formatiounsweekender
- 1 Formatiounswoch "Aide-Animateur"
- 1 Vakanzekolonie

*Dës Formatioun dauert mindestens 150 Stonnen*

## Konditioune fir de Brevet C (Animateur)

- Mindestens 16 Joer al sinn
- Eng ofgeschloss Formatioun "Aide-Animateur, Brevet B"

## Wat muss ech maache fir Animateur ze ginn?

- 3 Formatiounsweekender
- 1 Formatiounswoch "Animateur" (*heifir muss de mindestens 2 Kolonie matgemaach hunn*)
- 1 Vakanzekolonie

*Dës Formatioun dauert mindestens 150 Stonnen*

## Konditiounen fir de Brevet D (Animateur spécialisé)

- Mindestens 18 Joer al sinn
- Eng ofgeschloss Formatioun "Animateur, Brevet C"

**Wat muss ech maache fir Animateur spécialisé ze ginn?**

- 2 Formatiounsweekender vum Brevet D

*Dës Formatioun dauert mindestens 25 Stonnen*



# Aschreiwen an Informatioun




## Jugendroutkräiz / Service Vacances

**Postadress:**
B.P. 51 – L-8005 Bertrange

**Onsen Site:**
10 Cité Henry Dunant
L-8095 Bertrange

**Tel:** +352 2755 6200
**Fax:** +352 2755 6201
vacances@croix-rouge.lu
@croixrougeluxembourgeoisejeunesse
@formationanimateurjugendroutkräiz
@jugendroutkraiz